


# MINI-LËNSTER, ENG SPILLSTAD FIR KANNER A JUGENDLËCHER

*Am Joer 2025 gëtt déi 8 Editioun vun onser Kannerspillstad an d'Liewe geruff an dat dës Kéier vum* ***21. Juli – 01. August 2025 all Dag vun 10:00 – 17:00 Auer*** *(ausser de Samsden a Sonnden).*

***Dëst Joer siche mer Studenten vu 16 Joer an driwwer***

## Wat hues du iwwerhaapt vu Mini-Lënster?

- eng eenzegaarteg Erfahrung an engem aussergewéinlechen Projet
- schaffen an engem grousse Grupp (Teamwork)
- zesumme mat Kanner a Jugendlecher eppes an d'Hand huelen an ëmsetzen
- mat neie Situatioune konfrontéiert ginn
- nei an interessant Leit kennenléieren
- eng Bezuelung no de Richtlinne vun der ITM
- Verantwortung iwwerhuelen
- Certificat de participation
- Erfahrungen am Beräich vun der partizipativer Pädagogik ...

## Wat ass deng Roll während Mini-Lënster?

- Kanner hëllefen e Betrib responsabel ze leeden
- Kanner informéieren an animéieren fir nei Ideeën ze entwéckelen

## Wat gëtt vun dir verlaangt fir bei Mini-Lënster matzeschaffen?

- *du muss minimum 16 Joer al sinn*
- *du muss ons eng komplett Demande eraschécken*
- *du däerfs net méi wéi 2 Méint am Joer als Student geschafft hunn*
- *du muss vum 21. Juli bis den 01. August 2025 Zäit hunn (den 18. Juli riichte mer zesummen op, den 21. Juli geet et da lass)*
- *du muss de Brevet A hunn. Wanns du de Brevet A net hues, kanns du déi passend Formatioun bei ons matmaachen:*

*D'Formatioun dauert 50 Stonnen (30St. Theorie & 20St. Praxis). Déi 30 Theoriestonne ginn am Laf vun* ***2 Weekender*** *ofgehalen,* ***08. – 09. Mäerz & 22. – 23. Mäerz 2025*** *(Détailer kommen no). Fir déi Studenten déi schonn mam Brevet B oder C am gaang sinn, ginn d'Stonnen vum Brevet A ugerechent. De Brevet A ass vum SNJ unerkannt!*

### *Wat muss an denger Demande sinn?:*

- ***Lettre de motivation***
- ***Curriculum vitae***
- ***Certificat de scolarité***
- ***Handy- & E- mail Kontakt***
- ***Konto- & Matriculesnummer***
- ***Angab vu Formatiounen:***

***Et ass wichteg ons matzedeelen, ops du eng Formatioun beim SNJ amgaange bass ze maachen.***

***Deng Demande muss bis Freides den 28. Februar 2025 agescheckt ginn u folgend Adress:***



***SEA Lënster Päiperlék***
***c/o Christian Treitz***
***20, rue du Village***
***L-6140 Junglinster***

*Wann nach Froe sinn kanns du dech roueg bei ons mellen op folgender Nummer:* ***78 72 02 32*** *oder einfach per Mail* ***gaplo@paiperlek.lu***